

Walfer, den 11. September 2019

Léif Enseignanten aus de Cyclen 3 & 4,

D'MathemaTIC Team ass frou lech fir déi drëtt Oplag vum nationale MathleTIC Kapprechen-Challenge ze invitéieren! Dës Challenge gött lech iwwer d'MathemaTIC Plattform proposéiert.

D'Challenge fënnt statt vum 8. Oktober bis den 10. Oktober 2019 fir d'Klasse vum Cycle 3, Cycle 4, Régime Préparatoire a Cycle Inférieur vum Enseignement Secondaire.



Am Kapprechen-Challenge geet et dorëms, fir Kapprechnungen ze léisen an de véier arithmeteschen Operationen an esou vill Stärren a Medaile ze sammele wéi méiglech. Déi Klassen, déi am Duerchschnitt déi meeschte Stärren a Medaile pro Schüler sammeln, gewanne Porte-clés mat dem MathleTIC Maskottchen an eng Coupe fir d'Klass. All déi aner Klasse gi mat engem MathleTIC-Zertifikat belount.

All Klass ka matmaachen! D'Léierpersonal muss sech just op [www.mathematic.lu](http://www.mathematic.lu) mam [IAM](#) oder [Office 365 Konto](#) umellen, [eng Klass erstellen](#) an [d'Schüler mussen sech mat der Klass verbannen](#) (Klickt op d'Linke fir eng Hëllefstellung ze kréien). Et muss keng extra Klass fir d'Challenge erstellt ginn a während der Challenge wäert ee Pop-up Message lech weider Informatiounen ginn.



Fir weider Detailer oder Froen zur Umeldung vun Ärer Klass, kontaktéiert eis um 247-75249 oder iwwer [mathematic@script.lu](mailto:mathematic@script.lu).

Mat beschte Gréiss,

MathemaTIC Team